CSV DIPPECH

Betten, Dippech, Sprénkeng, Schuller

Op de Punkt

Kontakt- an Informatiounsblat vun der CSV Dippech

Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Dippech

Är Kandidate fir d'Gemengewahlen

v. l. v. r.: Patrick Gesellchen, Claudine Gilles ép. Reuter, Benoît Theisen, Gaby Schaul-Fonck, Armand Kariger, Claude Bosseler (Spëtzekandidat), Jean-Paul Rischard, Monique Schaedgen ép. Gentilini, Carlo Neu, Alain Mausen, André Weis.

Umierkungen a Richtegstellungen zu de verdeelte Flyere vun der Oppositioun

Stéchwuert: politesche Muechtwiessel

De President vun der gréisster Oppositiounspartei an eiser Gemeng mengt jo dass d'Entwécklung vun eiser Gemeng duerch de politesche Muechtwiessel érnorm gebremst gi wier.

Do stellt sech just d'Fro ween dann dru Schold ass dass et zu dësem politesche Muechtwiéssel komm ass. Schliesslech hu si no 3 Joer an 3 Méint hieren eegene Budget verworf well si ënnert sech an der Majoritéit déck Probleemer haten. Jo, et stëmmt, d'LSAP huet hieren eegene Budget fir d'Joer 2009 selwer net gestëmmt a sech domat selwer ofgesat! Dräi Joer an dräi Méint an der Majoritéit an näischt Opweises! Jo, an eiser Gemeng hu si tatsächlech d'Entwécklung énorm gebremst, wou d'CSV an der Opposition war a mat Sécherheet net kann dru schold sinn! Wann een no gutt dräi Joer d'Handduch werft, heescht dat dann net, dass een deeër Muecht, déi een per force wollt hunn, net gewues ass? Och wa si elo mat enger wéi heen weider schreiwt «… erneierter Equipe … mat vill Kompetenz … gesondem Mënscheverstand ....» untrieden, sou sinn dat just déi, déi d'Rei voll maachen, déi ersat ginn, awer net déi, déi no 3 Joer opginn hunn a weider d'Ficellen an deeër Partei zéien. Wat ännert dat? Oder gi si just nach mat fir Stëmmen ze sammelen?

Dësen Echec hätt hinnen kënnen erspuert bleiwen wa si d'Resultat vun de leschte Gemengewahlen respektéiert hätten. Wa si net onbedengt hätte wëllen de staarke Partner an der Majoritéit sinn, da wier d'CSV als éischtgewielte Partei mat 5 vun 11 Sëtz mat Sécherheet net an d'Oppositioun komm, mais vun Ufank un an der Majoritéit gewiescht. Effektif ware mir als CSV mat 5 vun 11 Sëtz vum Wieler fir eis Aarbecht vun all de Joeren virdrunn bestätegt ginn. Geet et an der Gemengepolitik da just ëm d'Muecht? Fir d'Dippecher Sozialisten anscheinend jo! Mir als CSV wëllen am Intérêt vun eiser Gemeng schaffen!

Et geet net duer ëmmer erëm ze soen wat ee gemaach hätt wann, an och net de Leit am Wahlprogramm dat ze verspriechen wat si héiere wëllen, fir dann duerno ze soen, wéi si dat an hierer d'Schäfferotserklärung no de leschte Wahlen gemaach hunn, dat wiere Visiounen fir d'Zukunft an net op 6 Joer beschränkt. Eise Wahlprogramm ass dee Programm fir déi nächst 6 Joer, an net eng Oplëschtung ouni Enn fir de Leit Sand an d'Aen ze streeën fir hier Stëmm ze kréien, obwuel ee vu vir era weess, dass een dat wat ee versprécht, guer net wëll oder esouguer net kann halen. Do wou de Stat d'Soën huet, a mir wëssen dass eppes net geet, da verspriéche mir dat och net. Als Beispill: de Liniebus 215 dee soll duerch Betten fueren, firwat hu si deen dann net an deenen dräi Joer agefouert wou si an der Majoritéit waren, nei ass déi Fuerderung jo net! Fir eis ass et net fair fir de Leit eppes virzegaukelen fir un d'Muecht ze kommen ouni et wëllen ze halen!

Mir jiddefalls maachen dat net! Eise Wahlprogramm ass dee Programm, dee mir wëllen an den nächste 6 Joer realiséieren. Villes wat do dra steet, hu mir a gutt zweeanenhalleft Joer op den Instanzewee bruecht an et kann deemnächst realiséiert ginn. Als éischt kënnt eis nei Schoul mat der Maison-Relais, dann de Pompjeesbau an de Gemengenatelier, de syntheteschen Terrain fir den F.C. Schuller, eng Bolzplaz fir eis Jugend, … Fir méi Détailler kuckt w.e.g. eise Wahlprogramm, deen Dir deemnächst kritt.

Stéchwuert: Ausbau Grondschoul – Maison-Relais fir Kanner

Dass elo d'Sozialisten behaapten, déi nei Schoul wier scho gebaut wa si an der Majoritéit net hätte missen d'Handduch werfen, doriwwer kënne mir nëmme laachen. Gott sei Dank ass et net derzou komm, well wéi mir neess de 6. Februar 2009 d'Majoritéit iwwerholl hunn, hu mir de Projet nach eng Kéier mussen iwwerschaffen fir en un déi finanziell Situatioun vun eiser Gemeng unzepassen, well hiere Projet eis Gemeng an eng ganz précaire finanziell Situatioun gefouert hätt wou iwwert Joeren weider keng gréisser Investissementer méi méiglech gewiescht wieren, d.h een neie Waasserbasseng zum Beipsill hätt mat Sécherheet net méi kënne gebaut ginn! D'finanziell Situatioun vun eiser Gemeng erlaabt et net fir eng Schoul ze bauen déi esou grouss ass wou all eis Schoulkanner drann ënnerkommen a wou déi al Schoul kann ofgerappt ginn (ofgesinn dovun ass se och nach net esou al, dass do keng Schoul méi kéint dra gehale ginn!). Dass mir deemools vollkomme Recht haten, huet eis virun zwéi Méint ausgerechent dee Büro bestätegt, dee si domat beoptragt haten fir d'Finanzen vun eiser Gemeng ze préifen. Mat eisem Projet hu mir nach 6 Klassesäll a Reserve woumat mir an nächster Zukunft kee Probleem hunn fir all eis Schüler ënner ze kréien! Dëst stellt een Deel vun engem gesamten Schoulkonzept duer, dee mir zu dësem Zweck ausschaffe gelooss hunn, deen zu all Moment kann ausgebaut ginn. Dëse Projet ass dunn als éischten op den Instanzewee gaangen, deen gutt a gären 1 Joer an Usproch hält. Da kënnt nach d'Ausschreiwung hannendrunn, déi och nach alles an allem gären 6 Méint dauert. Och dat wier bei hinnen net méi séier gaangen, soudass si allerfréiestens dëst Joer mam Bau hätte ufänke kënnen.

Och musse mir doriwwer laachen dass eise Projet méi deier soll sinn wéi hieren. Dëst stëmmt mat Sécherheet net! Bei hierem Projet hätt den Accès iwwert d'Tajelstrooss fir de Bau vun der Schoul schonn e puer Milliounen kascht a si hätten nach een Haus missen opkafen an ofrappen, wa si do mat Bussen hätte wëllen aus- an afueren. Eise Projet gesäit den Accès direkt vun der Haaptstrooss vir, wou mir e groussen Deel vun der Strooss vun engem neien Lotissement benotzen déi de Promoteur baut, an doduerch nach vill méi bëlleg fir eis Gemeng gëtt. An och muss et jidderengem aliichten dass de Bau vun enger Schoul mat 22 Klassesäll vill méi deier gëtt wéi eng Schoul mat 8 Klassesäll, wou mir doriwwer eraus un hierem Konzept vun de Säll näischt geännert hunn an och de Projet mat hierem Étudebureau zu Enn bruecht hunn.

Stéchwuert: Accès fir bei den Interventiounszenter vun de Pompjeeën a Gemengenatelier

De Projet fir de Bau vun engem neie Gemengenatelier an engem neien Interventionscenter fir eis Pompjeeën ass de 14. Februar 2011 am Gemengerot gestëmmt ginn a befënd sech momentan nach ëmmer um Instanzewee (permission de voirie). Dës zwee Gebaier sollen op der Dräikantonsstrooss

Fortsetzung S. 2

Fortsetzung vu S. 1

(Wäistrooss) uewerhalb vun der Firma Feller gebaut ginn, well dës Plaz zentral an eiser Gemeng direkt niérwt enger Nationalstrooss läit, fir eise Pompjeeën e séieren Asatz z'erlaben. D'Ponts et Chaussées hunn den Accès wéi mir en op eisem Plang virgesinn haten, d.h. ënnen bei der Firma Feller refuséiert mam Argument dass d'Siicht op deeër Plaz fir eraus op Dräikantonsstrooss ze fueren ze schlecht wier, wou hierer Meenung no awer 90 km/St. mussen bäibehale ginn. Dofir verlaange si, dass den Accès uewerhalb vum Terrain dee mir kaf hunn soll gebaut ginn, op engem Terrain deen eisem Buergermeeschter gehéiert. Dësen ass och bereet den Terrain (9,23 Ar) un d'Gemeng ze verkafen, zu deem Präis deen d'Gemeng och fir deen aneren Terrain bezuelt huet, also 3.000 € den Ar, e Präis dee vun engem onofhängegen Expert als correct ugesi gëtt. Och kann d'Gemeng dës Suen proportional zum Terrain zréck kréien, wann dann do soll eng Artisanal- a Geschäftszone ageriicht ginn, déi jo vun all Partei op dëser Plaz gesi gëtt. Och ka jiddereen sech ausrechnen wat den zousätzlechen Terrain fir den Accès kascht, et si genee 27.690 € (3.000 € × 9,23 Ar) an net 570.000 €!

Och de Virworf dass eise Projet méi deier géif ginn wéi hieren a mir dësen Terrain ze deier kaf hätten loosse mir gëllen. Éischtens hu mir de Plang dee si gemaach hunn praktesch eent ze eent iwwerholl, mir hunn e just un den neien Terrain ugepasst. Zweetens hu si trotz eise Warnungene zwéin Terrainen fir dësen Zweck kaf déi sech net dofir eegnen, deen éischten läit um Tracé dee fir de Contournement virgesinn ass a wou de Stat keng Genehmigung gëtt, an deen zweeten läit an enger Supp wou d'Fondatiounen enorm deier gi wieren an d'Gebäi op wackelege Féiss steet. Dat si Suen, déi eis Gemeng sech gutt hätt kënne spueren! Och dass eise Projet 1 Millioun méi deier wier wéi hieren ass mat den Hoer erbäi gezunn, well wéi gesot mir hiere Plang huelen an net méi grouss bauen, déi deier Fondatiounen net brauchen a si Äppel mat Bieren vergläichen, well hieren Devis net komplett war, et hunn nach vill Posten gefeelt laanscht déi d'Gemeng beim Bau net komm wier. Sou z.B. hätt den Aménagement vun der Strooss mat Ofbéispuer bei hierem Projet och misse gemaach ginn, soss hätte si och do keng Permissioun de Voirie kritt ! Och hätt do missen en Rétentiounsbasseng fir d'Iwwerflächewaasser gebaut ginn, zousätzlech hätten och nach all Uschlëss bei dësen Terrain misse geluecht (Waasser, Kanal, Elektresch, …), asw.

Stéchwuert: Tankwon

Et stëmmt dass den Tankwon vun eise Pompjeeën e Problem mat engem Ventil an der Héichdrockleitung hat. De Schäfferot war sech bewosst, dass fir d'Sécherheet vun eise Pompjeeën an den Awunner aus eiser Gemeng alles muss gemaach ginn fir dass den Tankwon einwandfrei fonctionnéiert an huet dem Reparaturatelier keng Rou gelooss bis de Problem geléist war. Dësen huet dann och de Feeler fond an huet dat Ventil wat net richteg fonctionnéiert huet dunn och direkt duerch een neit ersat, an zanterhier fonctionnéiert den Tankwon einwandfrei. Dofir awer ze verlaangen dass d'Gemeng den Tankwon, deen eréischt 2005 kaaf ginn ass duerch een neien z'ersetzen, deen eis minimum 300.000 € kascht, ass net verstänneg an entsprécht och net enger gutter Gestioun vun de Gemengefinanzen, mais ass just Wahlpropaganda! An dann och nach ze behaapten, dass den Daach vun engem Haus hätt kënne gerett ginn wann den Tankwon anstänneg fonctionnéiert hätt entsprécht och net der Wouerecht, well éischtens d'Flamen schonns duerch den Daach eraus komm sinn wéi eis Pompjeeën op d'Plaz komm sinn, an zweetens de Problem, dass den nootzden Hydrant vun engem Auto zougeparkt war an dass eis Pompjeeën grouss Méi haten deen zweeten Hydrant ënnert engem décke Koup Schnéi ze fannen a fräi ze schëppen.

Remarques et prise de position concernant les circulaires distribuées par l'opposition

Mot-clef: changement du pouvoir politique

Le président du principal parti d'opposition fait croire que l'évolution des projets communaux aurait été fortement freinée par des «changements du pouvoir politique». La question qui se pose est de savoir qui porte la responsabilité de ce changement politique. En effet, l'ancienne majorité a abandonné ses responsabilités en votant contre son propre budget de 2009 et cela après seulement trois ans et trois mois de mandat. Les raisons en étaient des discordes interminables dans leur propre camp. Le CSV ne porte aucune responsabilité dans l'écroulement de cette majorité. Trois ans et trois mois de gestion communale sans grands résultats! Oui, le développement a été freiné. Cette ancienne majorité n'a pas démontré son savoir-faire à l'époque et prétend vouloir s'engager avec «une équipe renouvelée… avec beaucoup de compétence … avec bon sens …», alors que les élus socialistes actuels se retrouvent tous en bonne position pour les élections et la «nouvelle équipe» ne concerne que ceux qui n'avaient pas été élus lors des élections précédentes.

Cet échec aurait pu être évité si les résultats des dernières élections avaient été respectés et si le principal parti de l'opposition actuelle n'avait pas voulu jouer le rôle du partenaire fort de la coalition. Le CSV avec un résultat de 5 sièges sur 11 n'aurait certainement pas été repoussé dans l'opposition. Le résultat de 5 sièges sur 11 pour le CSV était une confirmation de l'électeur pour l'excellent travail réalisé par le passé. Pour des raisons de pouvoir, le LSAP a tenu à jouer le rôle du partenaire fort avec un partenaire plus faible afin de pouvoir s'imposer. Le CSV ne partage pas cette approche et désire s'engager dans l'intérêt de la commune.

Il ne s'agit pas de promettre aux électeurs ce qu'ils veulent entendre et de préciser par après, lors de la déclaration du collège échevinal en début de mandat, qu'il s'agissait de visions d'avenir qui seront à réaliser sur une durée bien plus longue. Pour nous, CSV, le programme électoral est un engagement pour les 6 ans du mandat et s'inscrit dans les concepts bien définis et les visions claires pour l'avenir. Il ne convient donc pas d'établir des listings sans fin pour impressionner l'électeur et obtenir son soutien, sachant bien que les moyens à disposition ne suffiront pas, et de loin, à concrétiser tous ces projets. Ainsi, nous ne faisons pas de promesses dans le domaine de compétence de l'Etat. Comme exemple, l'on peut citer le souhait bien fondé de notre population de faire passer la ligne d'autobus 215 par la localité de Bettange. L'ancienne majorité au pouvoir pendant plus de 3 ans n'a cependant pas réalisé ce projet, parce qu'il n'est tout simplement pas faisable.

En tant que CSV, nous ne promettons que ce qui nous semble réellement réalisable. Le programme électoral dont un résumé sera prochainement distribué à tous les ménages reprend les grandes lignes de ce que nous réaliserons pendant les 6 ans à venir. Un grand nombre de ces projets sont fortement évolués à l'heure actuelle, cela après deux ans et demi de mandat, et entreront dans la phase de réalisation très prochainement. Les grands projets à débuter d'ici peu sont l'extension de l'école avec Maison-Relais, le hall pour sapeurs-pompiers, les ateliers communaux, le terrain de football synthétique, la place de jeux multifonctionnelle et bien d'autres projets de moindre envergure. Pour plus de détails, veuillez consulter notre programme électoral.

L'extension de l'école primaire et la Maison Relais pour Enfants (MRE)

Le parti socialiste prétend que si l'ancienne majorité avait pu poursuivre son mandat, la nouvelle école serait actuellement construite. Cela nous fait sourire ! Le projet en question a été analysé et étudié méticuleusement lorsque le CSV a repris les responsabilités le 6 février 2009. En effet le projet gigantesque avec 22 nouvelles salles de classe a dû être adapté aux besoins réels et aux moyens financiers disponibles, car cette construction nous aurait conduits dans une situation financière précaire, rendant impossible tout autre investissement important pourtant nécessaire, comme par exemple un nouveau château d'eau. La situation financière pourtant saine de notre commune ne nous permet pas de construire une nouvelle école qui pourrait regrouper l'ensemble de nos enfants scolarisés à l'école fondamentale et de démolir un bâtiment ancien pourtant en bon état. Nos vues ont été confirmées il y a deux mois par le bureau d'études qui avait été chargé par l'ancienne majorité, d'établir une étude approfondie de nos finances en tenant compte des investissements envisagés. Notre projet d'école nous permet d'avoir une réserve de 6 salles de classe pour l'avenir, ce qui sera suffisant, selon la même étude, pour un bon nombre d'années. La nouvelle école sera une partie logique et bien intégrée du concept global pour l'avenir du site scolaire. Notre projet actuel est le premier à être introduit auprès des instances étatiques. Ces procédures prendront largement une année dans le cas d'une école et seront suivies par la procédure de soumission publique qui prendra jusqu'à 6 mois également avant le début des travaux. Ces procédures n'auraient pas été plus rapides pour l'ancienne majorité et la construction n'aurait donc pu débuter que cette année au plus tôt.

L'estimation du coût pour l'école, telle que prévue par l'ancienne majorité ne correspondait nullement à la réalité. Le chemin d'accès via la rue Tajel et l'accès par le parking près de l'actuelle Maison-Relais, tout comme l'acquisition et la démolition d'une maison pour permettre un accès convenable à la rue de l'Eglise, aurait coûté des sommes considérables. L'accès pour bus et voitures du projet actuel se fera directement depuis la route principale en utilisant en bonne partie la voirie d'un nouveau lotissement qui est à charge du promoteur. Il est logique aussi que la construction d'une école avec 22 salles de classe, salles accessoires et Maison-Relais coûte d'avantage qu'une école avec 8 salles de classe, salles accessoires et Maison-Relais, d'autant plus que rien n'a changé au concept de l'aménagement des salles de classe, conformément aux plans de l'ancien projet par le même bureau d'architecture.

Accès au nouveau site de la régie communale et de la caserne de pompiers

Lors de la réunion du conseil communal du 14 février 2011, le projet de construction d'un nouveau bâtiment pour la régie communale et d'une nouvelle caserne de pompiers a été voté. Ce projet qui sera construit le long de la route des 3 Cantons, à côté du terrain de l'entreprise Feller, est en instance d'approbation par l'autorité supérieure. C'est le meilleur site que l'on puisse trouver car situé pour ainsi dire au centre géographique de la commune et le long d'une route nationale avec toutes les infrastructures. Les Ponts-et-Chaussées refusent que la sortie du site soit aménagée à la limite du terrain du côté de l'entreprise Feller comme prévue au plan et cela pour des raisons de sécurité en considérant que la vitesse autorisée sur cette route devrait à leur avis être maintenue à 90 km/h. L'alternative proposée par les services étatiques est d'aménager la sortie du côté opposé. Or, les 9,23 ares de terrain en question appartiennent au bourgmestre qui est d'accord de céder cette surface au prix payé pour le terrain déjà acquis par la commune, à savoir 3000 € par are. Cette somme a été estimée comme toute à fait correcte par un expert indépendant. D'autre part, si une zone artisanale et commerciale devait être autorisée le long de la route des 3 Cantons, ce qui semble se retrouver dans les programmes électoraux de tous les partis en lice dans notre commune, l'Administration Communale pourrait récupérer les frais investis pour le terrain et pour l'aménagement de l'accès, du moins au prorata des surfaces. Le coût du terrain sera donc de 27.690 € et pas de 570.000 €!

Contrairement aux dires des socialistes, la construction ne sera pas plus onéreuse que dans leur projet, car les plans ont été repris pour ainsi dire tels quels. L'ancienne majorité a acquis préalablement deux terrains qui ne convenaient pas au projet. Le premier de ces terrains se trouve sur le tracé de la route de contournement de Dippach-Gare et le deuxième terrain se trouve sur terrain instable et humide où le coût des fondations aurait été beaucoup plus important que sur le site prévu actuellement. Nous réfutons également l'affirmation des socialistes comme quoi le projet actuel coûterait 1 million d'Euros plus cher, car ce sont exactement les mêmes plans des bâtiments. Seule la disposition des bâtiments sur le terrain a été modifiée. Par contre une fois de plus, le coût du projet présenté par l'ancienne majorité ne correspondait pas à la réalité et une solide augmentation budgétaire aurait été inévitable. C'est ainsi que dans leur projet l'aménagement de l'accès sur la voie publique avec aménagement du carrefour manquait. L'évacuation des eaux de pluie avec bassin de rétention tout comme le raccordement à toutes les infrastructures n'étaient pas prévus.

Mauvais fonctionnement d'un véhicule d'incendie

Il est vrai que le véhicule d'intervention de nos pompiers avait un problème avec une soupape dans le circuit haute pression. Certes, le collège échevinal était déterminé à tout mettre en œuvre pour garantir un fonctionnement impeccable pour assurer un maximum de sécurité à nos pompiers bénévoles et à nos concitoyens et n'a laissé aucun répit au réparateur agréé pour trouver l'origine de la panne. La soupape défectueuse a été trouvée et remplacée et le véhicule fonctionne maintenant impeccablement. Exiger qu'un nouveau véhicule d'incendie au prix de 300.000 € pour une version basique soit acquis en place du véhicule qui avait été acquis en 2005, est irresponsable et ne correspond certainement pas à une bonne gestion des affaires communales. Prétendre que la toiture d'une maison aurait pu être sauvée si l'équipement du véhicule d'incendie avait fonctionné correctement est ridicule car les flammes sortaient déjà de la toiture à l'arrivée des pompiers. Un certain retard dans le combat du feu était dû au fait que la bouche d'incendie la plus proche était inaccessible car bloquée par une voiture et le hydrant suivant était recouvert d'un gros tas de neige qui a dû être dégagé.



Claude BOSSELER

58 Joer, Sprénkeng

- ing. Ind. Agr.
- Buergermeeschter

Patrick GESELLCHEN

44 Joer, Schuller

- Techneschen Direkter IT-Service

Claudine GILLES ÉP. REUTER

39 Joer, Betten / Mess

- Mathematikerin an Actuaire bei der
- Inspection générale de la sécurité sociale (IGSS)

Armand KARIGER

61 Joer, Dippech

- Pensionéierten Privatbeamten
- Gemengerot

Alain MAUSEN

51 Joer, Betten / Mess

- Cadre am Finanzsekter

Carlo NEU

54 Joer, Schuller

- Informatiker, Techneschen Ingenieur
- Gemengerot

Jean-Paul RISCHARD

51 Joer, Dippech

- Staatsbeamten
- Schäffen

Monique SCHAEDGEN ÉP. GENTILINI

54 Joer, Schuller

- Direktiounssekretärin

Gaby SCHAUL-FONCK

59 Joer, Dippech

- Privatbeamtin an der Préretraite
- Schäffen

Benoît THEISEN

25 Joer, Dippech

- Licencié en droit
- Master 2 droit du sport, mention droit des affaires
- Gemengerot

André WEIS

47 Joer, Betten / Mess

- CFL Préposé Technique

WAHLOWENDER

RÉUNIONS ÉLECTORALES

Freides/Vendredi 30/09/2011 zu Schuller an der Buvette vun der Sportshal um 19.00 Auer a Präsenz vum Minister Claude Wiseler

Méindes/Lundi 03/10/2011 zu Betten am Kulturzenter um 19.00 Auer a Präsenz vum Minister Jean-Marie Halsdorf

Mëttwoch/Mecredi 05/10/2011 zu Dippech am Kulturzenter um 19.00 Auer a Präsenz vun der Ministesch Marie-Josée Jacobs. (Traduction orale directe en langue française)

Lëscht 2



www.dippach.csv.lu